N°2796
Entrée le 20.08.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 21.08.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/08/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Sport weiderzeleeden.**

Laut groussherzogleche Reglement vum 23. Juli 2020 sinn, ënner der Berécksiichtegung vun den Dispositioun vum ofgeännerte Gesetz vum 29. Juli 2000 iwwert d'Organisatioun vum nationale Sport a Kulturzenter, och nach Coque genannt, no 5 Joer op den Dag vum 31. Juli 2025, d'Mandater vun de Membere vum Verwaltungsrot vun der Coque ofgelaf.
Laut engem Artikel vum 1. August 2025 an enger Lëtzebuerger Dageszeitung huet de Regierungsrot no laangem hin an hier schlussendlech eng nei Besetzung vum Verwaltungsrot vun der Coque ugeholl, wat dann och op Basis vum groussherzogleche Reglement vum 29. Juli 2025, publizéiert den 1. August 2025, en „bonne et due forme" gemaach ginn ass.
Bezüglech dem Ernennungsprozess vum neie Verwaltungsrot vun der Coque an den ëffentlechen Aussoe vum Minister doriwwer stellen sech eng Rei Froen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Stëmmt et, dass de Regierungsrot, esou ewéi et am Zeitungsartikel steet, d'Propositioune vum Sportminister 2 mol verworf huet?
2. Stëmmt et, dass Absënns d'Propositioun vum Minister, wat de Poste vum Präsident ubelaangt, verworf ginn ass, obschonn dëse laut Aussoe vum Minister am besoten Zeitungsartikel déi neidesch Erfarung huet?
3. Kann de Minister bestätegen, dass et virun allem d'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten heibäi hier Bedenken hat? Wa jo, wat fir Bedenke waren dat?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

4. Laut de Bestëmmunge vum virdru genannte Gesetz muss eng vun den 9 Persounen aus dem Verwaltungsrot Kompetenzen am Beräich vun der Verwaltung vu Betriber hunn. Et stellt sech elo eraus, dass den neie Präsident dës Roll mat soll iwwerhuelen. Wat qualifizéiert de fréieren Diplomat fir dës Funktioun ze iwwerhuelen?

5. Am besoten Zeitungsinterview sot de Sportminister wuertwiertlech: „Der Verwaltungsrat ist so aufgestellt, dass er gut funktionieren kann. Viele Leute haben im Sport ihr Zuhause. Es ist ein tolles Team, das nicht aus einfachen Kopfnickern besteht. Das möchte ich unterstreichen."
   - Huet de Sportminister sech heimadder op de viregte Verwaltungsrot bezunn an seng Memberen domadder pauschal als „ einfache Kopfnicker" bezeechent?
   - Wéi kënnt de Sportminister zum Urteel, dass am viregte Verwaltungsrot lauter „einfache Kopfnicker" waren, obwuel d'Reunioune vum Verwaltungsrot net ëffentlech sinn?
   - Ass sech de Sportminister bewosst, dass en domadder och déi 2 Membere vum fréiere Verwaltungsrot, dorënner och säin ursprünglech proposéierte Präsident, ofgestempelt huet, deenen hiert Mandat erneiert ginn ass – an domadder no den Aussoe vum Minister, 2 vun 9 Membere vum neie Verwaltungs weiderhin „ einfache Kopfnicker" sinn?
   - Mengt de Sportminister, dass dës Aussoen opportun gewiescht waren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten